ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 2. Juni 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch weiderzeleeden:

Déi lescht Jore muss ee leider feststellen, datt esou munch Aarten aus eiser Vullewelt vum Ausstierwe bedreet sinn, respektiv, d'Populatioun staark zeréckgeet. Dësen Ëmstand ass awer net eleng op déi intensiv Landwirtschaft mat hirem Gebrauch vu Pestiziden zeréckzeféieren. Speziell d'Buedembréier sinn heivun am meeschte betraff. Et muss een och feststellen, datt d'Allesfriesser an déi sougenannt Raubdéier ëmmer méi zouhuelen.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Ëmweltministesch:

1. Goufe bis dato well Analysen duerchgefouert, op wat fir eng Ëmstänn dëse Réckgang vu Vullenaarten zréckzeféieren ass?
2. Wa jo: Wéi gesinn dës Analysen aus a si Géigemoossname geplangt? Wéi sollen dës Géigemoossname konkret ausgesinn?
3. Wann nee: Wär de Ministère bereet, esou Analysen duerchzeféieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten